ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. August 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Et héiert een nach ëmmer, datt vill Lëtzebuerger Residenten oder Leit déi op Lëtzebuerg komme wëllen, wéinst der COVID-Kris, a verschiddene Länner fest sëtzen a keng Méiglechkeet fanne fir an eist Land ze fléien. Vun de Philippinne gëtt zum Beispill gesot, datt do nach eng 80 Leit an dem Fall wären.

Dowéinst wollt ech dem Här Bausseminister dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung weider drëm beméit deene Leit déi wëllen op Lëtzebuerg kommen, dobäi ze hëllefen?
2. Wéi vill Leit a wéi enge Länner probéieren nach fir e Wee ze fannen op Lëtzebuerg ze kommen?
3. Wat mécht d'Regierung fir déi Leit ze ënnerstëtzen? Schafft si weider mat auslännesche Regierungen oder Fluchgesellschaften zesumme fir Vollen ze organiséieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten